PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Diskussiounen rondërem de Gesetzesprojet n°7642

Lëtzebuerg, den 10/07/2024

5

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Mam Gesetz vum 22te Mee 2024 portant introduction d'un paquet de mesures en vue de la relance du marché du logement gouf temporär ee bëllegen Akt fir d'Schafung vu Locatiounswunnenge geschaf;
- wéi an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°933 präziséiert gëtt, kritt een dëse Steierkredit just fir Neibauten (VEFA) am Sënn vum Artikel 1601-3 vum Code civil an net fir de Kaf vu besteeënde Wunnengen;
- fir d'Transaktiounen um Wunnmarché z'erhéijen, wier et positiv, fir dëse Steierkredit och fir besteeënd Wunnenge geltend ze maachen, wat och erëm de Locatairen zegutt géif kommen, well méi Locatiounswunnengen op de Marché kommen an d'Verkeefer vu besteeënde Wunnengen d'Sue kéinten notzen, fir selwer eng nei Wunneng ze bauen;

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. fir de bëllegen Akt fir Locatiounswunnengen temporär och fir bestoend Wunnengen geltend ze maachen, déi an d'Location ginn, an dëst gesetzlech nach dëst Joer festzehalen.